

De Super-Hond

Ech heeschen Idylle a sinn den 30. Juli 2013 gebuer. Ech si säit 2015 en ausgebildeten Assistenzhond. Um Ufank vu menger Karriär hat ech a verschidde Maison Relais'en geschafft. Lo schaffen ech haaptsächlech an engem Kompetenzzenter.




Foto vum Idylle : © Magali Bordang ép. Dias

Wat bei mir anescht ass wie bei aneren Assistenzhënn?

Ech sinn duerch d'Aktioun "E Stopp fir e Mupp" vun der "Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn" (ASA) finanzéiert ginn. Dës Aktioun sammelt Plastikstëpp fir Assistenzhënn ze finanzéieren. D'Sammele vu Plastikstëpp ass eng solidaresch Aktioun vu ganz ville Leit, Institutiounen, Schoulen a Geschäfte, mat der Ënnerstëtzung vu Valorlux an Hein Déchets. Et ginn iwwer 50 Sammelpunkten hei am Land, woubäi 28 Gemenge matmaachen. Bei dëser Aktioun ginn d'Plastikstëpp recycléiert an d' Ëmwelt gëtt geschützt.

Fir d'Suen vun de Stëpp ze kréien, ginn d'Stëpp vun de verschiddene Sammelpunkte bei Hein Déchets gefouert an do ofgewien. Duerno ginn si gewäsch, zerschreddert a geschmolt. Sie ginn zu neie Produkte verschafft, wéi zum Beispill Gaardemiwwelen, Schutzblecher oder Dreckschëschen. D'Aktioun "E Stopp fir e Mupp" gëtt et schon zënter 2009. Am Ganze brauch d'ASA 55 Tonne Stëpp fir 1 Hond auszubilden, deen normalerweis 17.000 Euro kascht. Zënter dem Start vun dëser Aktioun huet d'ASA all Joer en Hond ausgebild, dat heescht bis haut sinn 11 Assistenzhënn reng mat de Stëpp ausgebild ginn. Ech war den fënneften ausgebildeten Assistenzhond, deen durch dës Aktioun finanzéiert ginn ass.

Wat bei mir d'selwecht ass wie bei aneren Assistenzhënn?

Mir maachen eis Aarbecht mat vill Léift a Spaass! Wann mir eise Cape unhunn da si mir Super-Hënn. Mir gi bei d'Leit heem, déi gesondheetlech Problemer hunn, oder an hirem Alldag ageschränkt sinn, an hëllefen hinne bei hiren Aufgaben. Ausserdeem hëllef mir a den Alters- an Flegeheemer, de Maison Relais'en an de Schoulen. An do maache mir d'Leit iwwerall glécklech!



Foto : © ASA a.s.b.l

Mir sinn a Frankräich gebuer a sinn och do ausgebild ginn. Ech sinn e Labrador. Et gi just Golden Retriever an Labrador als Assistenzhond ausgebild. Eis zwou Rassen hunn di perfekt Gréisst, fir dass all Erwuessenen an all Kand eis gutt upake kann. Mir si staark a selbstebewusst an hale vill aus.

Eis Muppen-Eltere sinn all ageschriwwen am "Livre des Origines Français". Handi'chiens huet insgesamt 50-60 Zichter a 4 Ausbildungszenteren, déi alleguer vum "Ministère de la Santé et le Ministère de l'Agriculture français" unerkannt sinn.

Mee wéi hu mir eise Cape kritt a wisou si mir Super-Hënn?

Wann mir op d'Welt kommen, gi mir relativ schnell vun Handi'chiens ausgewielt. Fir d'éischt musse mir een Test maachen, ob mir iwwerhaupt gutt genuch si fir di ganz Aarbecht ze maachen. Bei engem Worf vun 10 Hënn kënt meeschtens just 1 Hond a Fro. Dann fänkt quasi och schon eis Ausbildung un. Während 18 Méint si mir an eiser Famill, wou mir mat ganz vill Léift opwuessen a schon eis éischt Kommandoe léieren.

Dann gi mir fir 6 Méint an di "grouss Schoul", wou mir vu speziellen Hondstrainer ausgebild ginn. Mir kréien alleguer di selwecht Grondausbildung.




Foto : © ASA a.s.b.l

Do gëtt dann och gekuckt, wou eis Stärkten an Schwächte sinn, an a wat fir Beruff mir herno schaffen duerfen. Déi eng Muppe schaffe gäre mat Kanner. Déi kommen eventuell an eng Schoul oder eng Maison Relais. Aner Muppen hunn et léiwer, wann si duerfe mat eelere Leit schaffen. Déi wëllen dann éischer eng Aarbecht an engem Altersheem. Op Grond vun eise Stärkten a Schwächte gi mir dann déi Saache geléiert, déi mir brauchen, fir herno eis Aarbecht auszeüben. Do léiere mir zum Beispill, wei een Händchen ausdeet oder wéi een een Tirang opmécht. Ausserdeem kenne mir och 15 Minutte virun enger epileptescher Kris eise Besëtzer soen, dass si geschwënn eng epileptesch Kris maachen. An dëser Situatioun wësse mir dann, wat mir maache müssen. Mir leeën dann eise Kapp op hir Broscht fir d'Leit ze berouegen. Mir kënne méi wéi 50 Kommandoen ausféieren. Ausgebild gi mir entweder zum "Chien d'éveil", "Chien détecteur d'épilepsie", "Chien d'accompagnement social", "Assistenzhond fir vulnerabel Leit" oder als "Chien d'assistance fir behënnert Leit".




Foto : © ASA a.s.b.l

Wat fir Zorte vun Assistenzhënn ginn et?

Ee "**Chien d'éveil**" schafft zum Beispill mat autistesche Kanner oder mat Kanner mat Trisomie 21.

Ee "**Chien détecteur d'épilepsie**" kann säin Besëtzer warnen, dass hie gläich eng epileptesch Kris mécht, oder an deem Fall och Alarm schloen.

Ee "**Chien d'accompagnement social**" huet seng Aarbecht an de Fleege- an Altersheemer an hëlleft och gären den Alzheimer Patienten.

Ee "**Chien d'assistance fir behënnert Leit**" hëlleft de Rollstullfuerer bei hiren alldeeglechen Aarbechten.

Ee "**Assistenzhond fir vulnerabel Leit**" schafft mat Leit, déi Panikattacken oder Depressiounen hunn.

No eiser fäerdeger Ausbildung gi mir dann an eist néit Doheem, wou mir dann ufänke mat schaffen. Wann mir eise Cape unhunn, da sinn mir ob der Aarbecht. Dat si mir an der Schoul esou geléiert ginn. Ouni Cape si mir ganz normal Hënn, déi gäre vill spillen, rolzen a Spaass hunn!

Vill Léit hu Stëpp gesammelt fir mech a meng Ausbildung ze finanzéieren. Wann ee bedenkt dass een, fir ee Mupp auszubilden, 55 Tonne Stëpp brauch an 1 Stopp 2 Gramm weit, brauch een also 27 500 000 Stëpp.

Ech si ganz frou mäin Job ze maachen! Ech an och menge Muppekolleege soen, dass mir frou sinn, esou gudd Familien, Ausbilder a Begleeder ze hunn. Mir soen dofir jidderengem Merci, deen eis bei eiser Missioun ënnerstëtzt.

Et wier léif wann och Dir Stepp sammele géift, fir een néien Hond ze finanzéieren! Et ass ee klenge Geste, deen all Mënsch kann ouni vill Opwand maachen. Dëse Geste huet awer eng ganz grouss Wierkung, well hie mécht ganz vill Leit frou. An et mécht een och nach ee klenge Geste fir d'Ëmwelt.




Foto : © ASA a.s.b./

Lio Delli Zotti

Villmools Merci un d'Madammen Nelly Nash an Magali Bordang ép. Dias fir den Interview an d'Erlabnis fir d'Foto'en duerfen ze benotzen.